



Pressekonferenz vum 22 Mee 2018

Presentatioun vum provisoresche Wahlprogramm (Handout)

Mär hunn eis zum Ziel gesat, e Programm ze entwéckelen, deen esouwuel kohärent ass a sengen eenzelne konkrete Punkten/Moosnamen, ewéi och ambitiéis a senger Zilsetzung; dat heescht op der Héicht vun den fundamentalen Erausfuerderunge vun eiser Gesellschaft. Duerfir ass et e Programm, deen e Spagat mécht, téscht mëttel- a laangfristegen Zieler an gläichzäiteg ganz konkreten an direkte Moosnahmen, déi mär ergräife wëllen, fir dës Zieler ze erreechen.

Dat ass déi eigentlech Ambitioun vun dësem Programm: dem Land – a virun allem, de Leit, déi an him liewen, schaffen, wunnen – nees Perspektiven opzemaachen an ze bidden, Perspektiven op en éierbart Liewen, Perspektiven op e bessert Liewen.

All Politik léisst sech un engem grouse gesellschaftleche Versprieche moossen: nämlech der Ambitioun, datt et de Kanner besser geet, wéi der eegener Generatioun. Dës Perspektiv ass wahrscheinlech dee fundamentaalsten Zesammenhalt vun all Gesellschaft. A well mer wëssen, datt no geschwënn 40 Joer Neoliberalismus dës Perspektiv

fir déi Allermeeschten net méi ginn ass, gesi mer datt den gesellschaftlechen Zesammenhalt ëmmer méi Rëss kritt huet.

Duerfir gëtt et héich Zäit nees no vir ze kucken an de sozialen an gesellschaftleche Fortschrëtt ze denken an ze benennen, an virun allem: step-by-step ze beschreiwen, wéi mer dës fortschrëttlech Transformatioun vun eiser Gesellschaft verwierkleche wëllen, déi mer esou batter néideg hunn.

Mer hunn eise virleefege Programm an 22 Kapiteln opgedeelt, mat insgesamt wäit iwwer 400 eenzelne Punkten. Ech wäert lo net all Kapitel virstellen, mee déi inhärent Logik, déi allen Kapiteln an allen Punkten zu Gronn leien.

1. Analys

Dëse Programm baséiert natierlech op der Analys vun eiser Gesellschaft, hirer Zesammesetzung, hirer Entwécklung an de leschte Joeren an den enormen Erausforderungen, deenen mer eis stelle mussen.

An déi wesentlechst Schlussfolgerung, déi mer zéien ass: dëse Modell Lëtzebuerg ass an der aktueller Form net méi laang drobar, an duerfir müsse mer en Transformationsprozess aleeden an eis duerfir engagéieren.

Den aktuelle Modell Lëtzebuerg ass net drobar, well trotz gigantesche Wuesstemszuelen:

- D'Schéier tëscht aarm a räich ëmmer méi grouss gëtt;
- Eëmmer méi Leit dem Aarmutsrisiko ausgesat sinn;

- De Chômage just marginal méi kléng gëtt an d'Aarbecht scho laang net méi virun Aarmut schützt, obwuel (oder vläit grad well) zu Lëtzebuerg an der Moyenne esouvill geschafft gëtt wéi an kéngem anere Land an Europa;
- D'Wunnungspräisser an d'astronomescht klammen, an en "Daach iwwer dem Kapp" e Luxus gëtt;
- Eise Schoulsystem, déi sozial Ënnerscheeder verstärkt, amplaz se méi kléng ze maachen;
- Mer ofhängeg gi vun engem Wirtschaftssektor – der Finanzplaz – deen eis seng Regeln an Gesetzer diktéiert an deen eis weltwäit als Schmuddelkanner am Eck stoe léisst;
- Betriber ëmmer manner, an d'Stéit ëmmer méi zum Steieropkommes bäidroen;
- Eisen embryonären ëffentlechen Transport vir bäi an hanne widder ass;
- Mer Allerleschten an Europa sinn an der Energietransitioun;
- Eis Biodiversitéit, eis Waasserqualitéit, d'Qualitéit vun eise Biedem an eiser Loft stänneg réckleefeg sinn;
- Eis Landwirtschaft net op d'Ernährung vun der eegener Populatioun ausgeriicht ass;
- Just en kléngen Deel vun de Leit un den Décisiounsprozesser bedeelegt sinn;
- Ëffentlech Déngschtleschtungen ëmmer weider privatiséiert ginn, an domadder un Qualitéit an Zougänglechkeet verléieren;

- Eis Ëffentlechkeet (Press, Kultur, etc.) ëmmer méi ofhängeg gëtt vu kommerziellen Interessien;

Dee Wuesstem, dee mer hunn, ass net u sech de Problem. De Problem ass wou en hirkënnt, wéi an organiséiert ass an wien dovunner profitéiert. Zu Lëtzebuerg ass d'Band tëscht Wuesstem a Wuelstand zerrappt an déi Vill schaffen am Hamsterrad fir de Profit vun de Wéinegen. Dëst wëlle mär änneren.

2. Eise Programm

a) Mär engagéieren eis fir eng sozial Transformatioun

- E Mënsch, dee Vollzäit schafft muss vu sengem Loun dezent liewe kënnen, duerfir brauche mer eng substantiell Erhéijung vum Mindestloun;

- Mär wëllen de Chômage an net de Chômeur bekämpfen. Duerfir muss de Staat seng Verantwortung iwwerhuelen iwwert d'Konzept vum „*employeur en dernier ressort*“.

- Mer müssen erëm den zivilisatorësche Fortschrëtt an de Mëttelpunkt stellen, den technologeschen Entwécklung Rechnung droen an d'Aarbechtszäit reduzéieren: kuerz- a mëttelfristeg.

- Mär wëllen de jonke Famille wierklech d'Méiglechkeet ginn, Beruff an Famill zesammenzebréngen, fir de Mann an fir d'Fra duerch e.a. eng Ausweidung vum *Congé parental*;

- Mär wëllen d'*Sécurité sociale* zu engem wierkleche Pilier vum soziale Fortschrëtt ausbauen, nohalteg finanziell ofsécheren an zum Garant virun der Aarmutsvermeidung hei am Land maachen;

- Mäer wëllen iwwer 3 Achsen de Logementsproblem ugoen: endlech déi öffentlech Offer un Wunnraum erhéijen, deen existéierenden an broochleiende Wunnraum mobiliséieren an d'Rechter vun de Locatairë schützen;
- Mäer wëllen eise Gesondheetssystem fit fir d'Zukunft maachen, andeems jiddereen onendgeltlech déi beschte medizinesch Versuergung kritt;
- Mäer wëllen, datt all Kand zu Lëtzebuerg déi beschten Ausbildung kritt a réel Chancen op sozialen Opstieg huet, duerfir brauche mer eng staark öffentlech Schoul fir jiddereen/t mat engem „tronc commun“ an enger seriéiser professioneller Ausbildung;

b) Mäer engagéieren eis fir eng ecologesch Transformatioun

- Mäer engagéieren eist Land, mëttel- a laangfristeg op 100% erneierbar Energien ëmzeklappen;
- COP21-Zieler gi verbindlech an déi national Gesetzgebung ageschriwwen a mer verpflichten eis selwer méi wäit ze goen;
- Mer organiséieren dat progressiivt Erausklappen aus dem Tanktourismus;
- Mer investéiere konsequent an déi nohalteg energetesch Sanéierung mat verbindlechen Zieler;
- Mer bauen den öffentlichen Transport aus, hin zum wierkleche Service public, dee fir jiddereen/t gratis ass;

- Mer transforméieren eis Landwirtschaft zu enger resilienter, déi fir den regionale Maart wierkt an eis begrenzte Ressourcë fir d'Generatiounen duerno nohalteg schützt;

c) Mäer engagéieren eis fir eng ökonomesch Transformatioun

- Mäer müssen erausklammen aus den kuerzfristige Steiertricksereien an eis Finanzplaz op nohalteg Bee stellen. Léiwer eng koordinéiert Sortie aus deem wat net méi ze halen ass, ewéi e brutalen Exit aus deem, wat allen Länner schued;

- Eist Land huet Kompetenzen, mäer müssen se ausbauen a stäerken: duerch deen eesäitege Fokus op d'Finanzplaz hu mer verschidde Chancë verpasst. Mä eist Land ass räich: seng Sproochevielfalt muss als Atout unerkannt an ausgebaut ginn. Déi öffentlech Recherche muss ausgebaut ginn, eis lokal a geografesch Ressourcë mussen besser notzbar gemaach ginn. Mir müssen d'Solidarwirtschaft stäerken an déi regional Kooperatioun ugoen;

- Resolut Investitiounen maachen an d'Diversifizéierung vun eiser Economie an an Zukunftsbrachen: natierlech Ressourcen, biologesch Landwirtschaft, eis geografesch privilegiert Situatioun zur Logistik, erneierbar Energien, Materialfuerschung, Kreeslafwirtschaft, Tourismus, kooperativ Digitaliséierung, etc.

d) Mäer engagéieren eis fir eng demokratesch Transformatioun

Wann an engem Land manner ewéi d'Halschent vun de Leit un Wahlen deelhuefen, dann huet dat Land definitive e Problem. Dat ass a bleift de Problem vu Lëtzebuerg. Mäer wäerten eis weiderhi fir d'Ausweidung vum Wahlrecht asetzen, well et eng elementär Virraussetzung vun der demokratescher Partizipatioun ass. Doriwwer

eraus ass Demokratie fir eis en transversaalt Thema a fënnt sech an allen Kapiteln erëm:

-Mär brauchen eng oppen Debatt iwver d'Verfassung (dat grondleeënd Dokument vun engem Land). Mär hunn dozou och schonns als eenzeg Partie eis Proposë gemaach.

- Mer brauchen eng Demokratiséierung op der Aarbechtsplaz mat erweiderte Rechter vun den Salariéen, d.h. vun deene Leit, déi de Räichtum erschafen.

- Wann een, wéi mär, eng grondleeënd Verännerung vum Modell Lëtzebuerg wëll, da kann een dat just mat de Leit maachen. Duerfir stinn an all Kapitel Dispositiounen, fir d'Leit un den Décisionsprozesser ze bedeelegen, déi wäit iwver dat erausginn, wat mer bis lo kennen. Duerfir och dëse Prozess vun eisem Walprogramm.

3) En staarke Staat

Fir alles dat ëmsetzen ze kënnen, brauche mer e staarke Staat. Eng staark ëffentlech Hand ass dee gréisste Géigner vum Neoliberalismus, dee jo bekannterweis alles well zur profitabeler Wuer maachen, inklusiv déi zwëschemënschlech Relatiounen.

Mär hunn e Programm entwéckelt, dee vill kascht. Mee et ass awer och e Programm, deen nei Ressourcë generéiert an d'Suen do hellt, wou se sinn: beim Grousskapital, deene ganz héije Fortunen an den enorme Profitter, déi hei am Land generéiert ginn. Eise Programm wäert zousätzlech Dépense mat sech bréngen, mä deem stinn och entspriechend nei Recette géigeniwver. An dat ouni datt dowéinst

d'Lutten am Land ausginn, mä en Deel Steiergerechtegkeet nees hirstallt gött.

An méi wéi dat: duerch déi transformatorësch Prozesser, déi mär wëllen ugoen, entsteet nees eng Gerechtegkeet tëscht de Leit, awer och tëscht de Generatiounen, déi och e Recht hunn: e Recht op méi wéi mär haten. Duerfir wëlle mär eis asetzen.
